



Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/12/2022

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

De Fonds du Rail gouf mam Gesetz vum 10te Mee 1995 an d'Liewe geruff an iwwert dësse Fong ginn Infrastrukturprojeten finanzéiert, déi dem Eisebunnsnetz hei am Land zegutt kommen.

Verschiede Projeten, déi vum Fong bezuelt ginn, ginn direkt vun den CFL als Prestataire realiséiert. D'CFL facturéieren op dësse Projeten, souwéi et bei Bauprojeten üblech ass, d'Käschten fir d'Entwécklung, d'Planung an d'Realiséierung, woubäi verschidde Posten, wéi d'Architekturkäschten oder d'Ingenieurskäschten bezuelt ginn, déi in-House ufalen.

Doriwwer eraus verrechnen d'CFL an dësse Fäll och eng Kommissioun, déi, wéi et an der Baubranche oft üblech ass, um Baupräis festgemaach ass. Dëst féiert awer a verschiddene Fäll dozou, dass Projeten, déi méi deier ginn, wéi ufanks geplangt, och zu méi héije Kommissiounen féieren, woubäi letzen Endes och d'CFL dru matverdénge.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Wéi héich sinn d'Kommissiounen, déi d'CFL am Duerchschnëtt fir Bauprojeten beim Fonds du Rail froen? Wat ass de Medianwäert?
2. Wéi vill Projeten beim Fonds du Rail goufen zënter 1995 vun den CFL als Prestataire realiséiert?
3. A wéi ville Fäll huet de Budget vu Projeten, déi vun den CFL realiséiert goufen, missten erhéicht ginn, well d'Käschten an d'Luucht gaange sinn, bzw. d'Käschte falsch geplangt goufen?
4. Wéi vill Projeten goufen vun anere Firmen, ewéi den CFL, realiséiert a wien waren déi 5 gréissten Prestataire (opgelëscht no Ausgaben)?



5. Existéieren Infrastrukturprojeten beim Fonds du Rail, déi an der Chamber gestëmmt goufen an déi bis haut nach net ugefaangen oder réaliséiert goufen? Wa jo, wéi eng Projeten sinn dës a firwat stinn dës Projeten nach op?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc  
Deputéierten

